



Collection Jos. Pauly © Archives RTL Group

# Sonndes, e Véierel op eng...

*De Jean Octave mécht en Interview*

De klenge Willi motzt.  
Virun der Glotz.

Glotz, dat Wuert huet hie vu sengem Papp. Dat gebraucht deen, wann hie schlecht op d'Televisioun ze schwätzen ass.

A lo sëtzen si all virdrun, virun der Glotz!

Bei der Tatta Pëppi.

Bei der Tatta Pëppi ass et am schlëmmsten.

Si ass wéi benzeg, wann et em déi Emisioun geet. Dofir muss d'Famill mat Zäiten urécken. Datt Punkt zwielef Auer giess gëtt. Um eng den Dessert, an dann, um Véierel op eng, ass et sou wäit: Den *Hei elei* geet un!

Heiansdo gëtt och schonn d'Televisioun ugemaach, ir fäerdeg giess ass. Wann d'Zopp ze lues geläffelt gouf. Oder de Bop ze laang gebraucht huet, fir d'Fiedem vun der Rullad ze wéckelen.

De Bop selwer wëllt net, datt iwver dem Iessen d'Televisioun gekuckt gëtt. Dem klenge Willi säi Papp och net. Awer lo kucken si all mat, bei der Tatta Pëppi, vum Dësch aus...

All Sonndeg deen Zirkus. Net nëmme bei der Tatta Pëppi, och beim Bop. A souguer doheem. Sonndes um Véierel op eng gëtt d'Këscht opgemaach, a lass geet et!

Orangegiel Trommelbengelcher, déi op engem orangegielen Disk ëremklabberen, bis en zu enger Zort Guckelche gëtt, kënnegen, begleet vu séiere Klimpertéin, déi iergendwéi Famill ze si schéinen mat metallenen Insekten, d'Sendung un, vun där dann och – am rechte Wénkel em den Eck geschriwwen – den Numm erschéint: HEI ELEI KUCK ELEI.

De klenge Willi huet iwverhaupt keng Loscht ze kucken.

Net déi Gaapemission do! Wou hien dach beim Däitschen déi nei Follech vun *Die Besucher* kéint kucken. Do geet et wéinstens em eppes. Do ass d'Äerd a Gefor, e béisen Niwwel um Kommen, dien d'Äerdachs un d'Kippe bréngt an eng Katastroph ausléise kann... an duerno kënn *Der Untergang von Pompeji*... och do dierft eppes méi lass sinn... oder hie géif *Black Beauty* kucken, ass zwar net sou senges, awer ëmmer nach besser wéi déi Sendung do, no där all die Grouss sou verreckt sinn...

Doheem kéint hie wéinstens op säin Zëmmer goen an eppes spillen, awer hei bei der Tatta Pëppi gëtt et keen Entkommen...

An da seet d'Tatta och nach: Kuck roueg, do kanns du eppes bäléieren!

A wat dann? Et ass all Sonndeg déi selwecht Emisioun. Awer déi Grouss maachen, wéi wann et do ëmmer eppes Neits ze entdecke géif. Komplett geckeg. Vläch hu si och nëmmen ze vill Wäi beim lesse gedronk... De klenge Willi ka sech einfach net erklären, wat un deem Sonndesprogramm do sollt sou interessant sinn. Awer et muss sinn, mueres d'Mass a mëttes den *Hei elei*. Eng Zeremonie, e Ritual. Am beschte Fuedem virun der Glotz. Wien net derbäi ass, muss sech schummen... Dobäi gëtt et do dach iwverhaupt nëischt ze gesinn... en Tipp, deen all Sonndeg e groe Kostüm unhet, an e grot Hiem an eng gro Krawatt – an och e grot Gesiicht huet en –, liest iergendwellech Sätz vun engem Blatt of am selwechten Tounfall wéi mueres de Paschtouer seng Gebieder gesouert huet, sëtzt gequëtscht an iergendwéi wielech do

an d'Kamera ze kucken, wéi wann hien Angscht hätt, all Ablack vu senger Plaz kéinte verjot ze ginn.

Dat ass de Präsentateur, seet d'Tatta Pëppi.

Egal wéi een dat nennt, dat ass d'Langweil a Persoun!

Willi, sief lo roueg, déi aner kucke gär!

De Präsentateur heescht mam Virnumm Jean. Wéi de Grand-Duc. Dohir vläch déi Salles an dee Wäihrauch an der Stëmm. Wann hien no siwe Minutten säin zweete Saz fäerdeg huet, komme Reklammen. Eng kleng Ofwiesselung, awer keng gutt, well d'Reklamme sinn d'selwecht gestreckt wéi de Jean, grad sou gro a monoton.

Da gëtt eng Blumm gewisen, déi um Ausstierwen ass. Och siwe Minutte laang. Siwe Minutte laang kann ee kucken, wéi déi Blumm ausstierft. Theoretisch. Praktesch ass iwverhaupt keen Ënnerscheid. Och no siwe Minutten gesäit d'Blumm nach ëmmer d'selwecht aus. Awer de Jean oder soss ee seet am Hannergrond, datt déi Blumm bal aussgestuerwe wier. Also nëmme bal. Ass net wierklech eppes geschitt. Da kommen rëm Reklammen. Dës Kéier fir en Dessert deen *Désirée* heescht. Déi Leit, déi nach net fäerdeg giess hunn, wësse lo, wat si ze dinn hunn.

Hues du *Désirée* scho probéiert? fret dem klenge Willi seng Mamm d'Tatta Pëppi.

Hie probéiert d'*Désirée* all Woch, seet de Monni Mett a weist mat der Zigar op de Monni Abbes. Dobäi laacht hien sou zimlech knaschteg a säin Drëppeglas eran.

De Monni Abbes wénkt zefridde mam Kapp, schmunzelt a seet: All Woch zwee bis dräi Mol, gell du! Leet dobäi der Tatta *Désirée* d'Hand op de Knéi.



De Pilo Fonck mat senger Sportsendung



Hei Elei-Kameramann Menn Bodson

D'Tatta Pëppi fillt sech vun deem Geschwätz gestéiert a seet: Kuckt, lo kënt d'Wieder!

Um Bild ass en Thermometer ze gesinn, dee virun enger Blummelandschaft schwieft. Et sinn awer aner Blummen wéi déi vu virdrun. Déi vu virdrun wäerten an der Tëschenzäit wierklech ausgestuerwe sinn. D'Musik bleift awer déi selwecht, iergend eng duuss Flütt, déi Vullegeräischer nomécht.

Nom Wieder deelt sech d'Bild a véier an eng *Hei Elei-Revue* gëtt ugekënnegt.

Virdrun ass awer nach emol d'Guckelchen ze gesinn, dat ganz am Ufank entstan ass, wéi d'Trommelbengelen op den Disk geschloen hunn. Dobäi sungen e puer Fraestëmmen Äerteeääll mat Betounung op der leschter Silb.

An der *Hei Elei-Revue* bléien all Woch déi selwecht Gesichter op, haaptsächlech Politiker a Schmelzhären oder Leit vu groussen Entreprises, déi ganz eescht kucken a virun iergendeppes warnen. Dertëscht gi Biller ageblent vu Leit um Wee op d'Schaff, vu Leit déi akafen oder soss iergendwéi ënnerwee sinn. Heiansdo gi si och eppes gefrot. Duerno gesäit een rëm Leit, déi mat Glieder am Grapp diskutieren an dobäi Grimasse schneiden. *Prominenz* gëtt dat genannt. Och do héiert een am Hannergrond d'Flütt, déi Vullegeräischer nomécht.

Da sinn rëm d'Fraestëmmen un der Rei, déi Äerteeääll mat Betounung op der leschter Silb sungen.

Duerno séngt e Kannerchouer. Och dee séngt all Sonndeg, awer net ëmmer déi selwecht Lidder.

De Chouer gëtt net vum Jean am groe Kostüm ugesot, mee vun enger Damm a Brong; sou wéi de Jean monoton gro ass, ass déi Damm monoton brong. Si souert och net wéi de Jean, si leiert.

Da sinn et rëm Reklammen. Eppes fir d'Verdauung gëtt lo ugebueden, eng Fläsch, déi vun engem Adler oder soss engem Gräifvull erbäigeflu gëtt. Dat Gesëffs huet e ganz drolegen Numm, eppes wéi

*Fäert net, Branka*. Woubäi net kloer ass, wien dat Branka soll sinn a wat et net sollt fäerten. Vlächet sollt et einfach net fäerten ze drénken. Well gläich drop këntt schonn nees eng Reklam fir Alkohol, Sprudeldwäin des Kéier, deen, sou eng lëschteng Stëmm, aus all Feier e Freedefier mécht.

Da gëtt dem Nokucker déi *genee Zäit* offrëiert, vun enger Bank. Dat ass jo och mol eppes Extraes, eng Bank, déi eppes offrëiert. Dat ganz Land sëtzt do virun der *Glottz* a kuckt zwou Minutte laang dem Se-konnenzär no, wéi dee ronderëm geet.

Duerno sungen d'Fraestëmmen rëm Äerteeääll mat Betounung op der leschter Silb.

Duerno ginn Ausgruewunge gewisen. All Sonndeg gëtt iergendwou eppes ausgegruewen. Des Kéier am Veiner Schlass. Eng hallef Stonn laang si Steng ze gesinn. Honnerte vu Steng, déi all eenzel ofgefilmt ginn. Am Hannergrond ëmmer nach dee mat der Flütt, déi Vullestëmmen nomécht, des Kéier méi stark ënnerluecht vun engem Teppech vu synthetische Geien.

Dann déi éischt Iwwerraschung: Op bloem Hannergrond steet grouss a wäisse Buschtawen: Entschëllegt des Ennerbriechung.

De Monni Mett profitëiert vum Ablack fir pissen ze goen. Déi Aner kucke gespannt op d'Bild, op déi wäiss Buschtawen op bloem Hannergrond: Entschëllegt des Ennerbriechung.

Wéi laang soll et daueren?

Siwe Minutten? Aacht? Oder vlächet zing? Nee. Bild an Toun sinn zeréck, ir de Monni Mett vun der Toilett rëm ass.

Fraestëmmen: Äerteeääll!

Lo sinn rëm d'Steng ze gesinn. D'Kamera geet ganz no un all eenzelnen erun. Mat vill Matgefill, souzesoen. Wéi wann och déi Steng um Ausstierwe wieren. Ëmmer nach d'Flütt, déi Vullestëmmen nomécht.

Duerno Reklammen. Wéi wann de Programm duerch dee villen Alkohol virdrun e schlecht Gewëssen hätt, gëtt lo Téi ugebueden. Nummer 10 vun *Dr. Ernst*. Fir méi

gouereg ze ginn. Da kënt e Stëbbsuckler un d'Rei, eng *Turbobiischt vu Miele*, en Ausdrock, deen de Monni Mett rëm eng Kéier knaschteng grinsen deet.

Duerno en décke Stëft, deen awer net fir ze molen ass, mee fir Mécken ze killen. Wann een domat e Strich op d'Fenster mécht, stierwen d'Mécken sou séier, wéi se driwwer lafen. Eng Zort Doudesgrenz fir Insekten. *Insectipen*, seet eng Stëmm, *Insectipen mécht der Méckeplo en Enn*.

Äerteeääll!

Dann ass de Kannerchouer rëm un der Rei.

Duerno defiléiere Biller vu verschiddene Fester. All Sonndeg gi Fester gewisen, ëmmer anerer, déi awer ëmmer déi selwecht sinn. Mat Musiker a Pompjeeën, Militär a Beschof, an ëmmer sinn och déi Leit derbäi, déi ee virdu scho gesinn huet, déi mat de Glieder an der Hand Grimasse geschnidde oder eescht gekuckt a virun eppes gewarnt hunn. Am Hannergrond d'Flütt, déi Vullegeräischer nomécht iwuer engem Teppech vu synthetische Geien. D'Kamera fiert ganz lues laanscht d'Gesichter, ongeféier eng Véirelstonn laang. Dat selwecht Matgefill wéi mat de Blummen an de Steng, schéint et.

Äerteeääll!

Wann dann d'*Kultur* ugekënnegt gëtt vun der Damm a Brong, déi ëmmer nach grad sou schéi leiert wéi virdrun, léisst de klenge Willi an der Fotell de Kapp hänken.

Hien héiert nach eppes vun Schrëftsteller, déi um Ausstierwe wieren, an dann ass hien och schonn am Gaang ze dreemen...

Nico Helminger

